



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 12th FEV. 2021
Réf. QP-04/21

REÇU
Par AHH Christian, 10:50, 12/02/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg


Objet : Question parlementaire n°3441 du 13 janvier 2021 de l'honorable Députée Françoise HETTO

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Sam TANSON, Ministesch vir Justiz an der Madame Corinne CAHEN, Ministesch vun der Famill an der Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 3441 vum 13. Januar 2021 vun der honorabeler Deputéiert Madame Françoise HETTO

De Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun konventionéiert eng Réi vu "*services de consultation*" déi och Mediatioun a Berodung bei "*affaires familiales*" ubidden. Enn 2019 ass de Ministère doriwwer informéiert ginn, datt et u Mediateuren an awer och un Therapeute feelt fir bei de betraffene Familljen z'intervenéieren.

Doropshin huet d'Regierung en interministerielle Comité an d'Liewe geruff fir eng Bestandsopnam an eng Analyse vun der Situatioun ze maachen.

Op Basis vun de Conclusiounen vum interministerielle Comité, huet de Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun déi néideg Moosname geholl an déi betreffen, konventionéiert Gestionnairen, mat qualifiziertem Personal verstärkt.

Fir d'Joer 2021 goufen deene véier betraffene Berodungsservicer jeweils ee Posten zougeschriwwen fir d'Dossieren ze traitéieren, déi si vum Juge aux affaires familiales kréien. Dëst zousätzlecht Personal muss déi néideg Qualifikatiounen kënne virweise fir bei an dësem Beräich ze intervenéieren